PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 NOV. 2019
1544

Lëtzebuerg, den 28/11/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

A menge parlamentaresche Froen n°617 an 1351 hat ech dem Educatiounsminister Froen iwwert d'Aféierung vun Tabletten am Schoulunterrecht gestallt. Aus den Äntwerte geet ervir, dass d'Aféiere vun neien Technologien ee laangjärege Prozess ass, deen a villen Aspekter, wéi z.B. dem Dateschutz an de Formatioune vum Léierpersonal, gutt begleet muss ginn. Säit 2017 sinn d'Tabletten elo schonns am Asaz, mee et goufe bis ewell nach keng Impaktanalyse veräffentlecht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Existéieren säitens dem Bildungsministère oder aaneren staatlechen Institutiounen Analysen/Etüden, déi den Impakt vun der Aféierung vun den Tabletten am Schoulunterrecht evaluéieren?
   Falls jo, wat ass den Ëmfang vun dësen Etüden a wéi eng Aspekter ginn analyséiert?

2. Falls Analysen oder Etüden existéieren, am Gaang oder geplangt sinn, wéi eng Donnéeë komme fir d'Datenerhiewung vun dësen Etüden jeeweils a Fro? Gi fir d'Etüden och Donnéeë vun den iPads erhuewen an ausgewäert?
   - Falls jo,
     - sinn d'Schüler, respektiv hier Elteren, iwwert dës Datenerhiewung forméiert an hunn se dëser zougestëmmt?
     - wéi vill iPads ginn analyséiert?
     - wéi eng Donnéeë vun den iPads si fir d'Etüd relevant?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 14 janvier 2020

Monsieur le Président de la Chambre
des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1544 de Monsieur le Député Marc Goergen**

Et gëtt am Moment nach keng Impaktstudie zum Gebrauch vun den Tabletten a Laptoppen an der Schoul. Et ass awer geplangt, sou eng Studie am Schouljoer 2021/2022 duerchzeféieren, nodeems sech de Gebrauch an de Klasse gefestegt huet an extensiv Erfarunge mam Outil konnte gemaach ginn.

An deem Fall wäert et sech ëm eng quantitativ Ëmfro handelen, bei Schülerinnen, Schüler a beim Léierpersonal, kombinéiert mat qualitativen Interviewen. Mäi Ministère wäert dee Moment net op d'Apparater selwer zeréckgräifen, fir ze kucken, wat den Usager domat alles gemaach huet. Dëst géif eisem Verständnis vum Schutz vun der Privatsphäre widderspriechen.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse